

Vera Wittrock

Ënner Buedmäntel –

E Kaméidistéck a Plüschschlappen

(Unter Bademänteln – Eine Posse in Plüschpantoffeln)

aus dem Däitschen an d' Lëtzebuergesch adaptéiert vum
ROBY ZENNER

E 903

Bestëmmungen iwwer d' Opféierungsrecht vum Stéck

D' Recht fir di eemoleg Opféierung vum dësem Stéck kritt een duerch de Kaf vun de Bicher, wéi de Verlag se virschreift. Fir all Widderhuelung bzw. weider Opféierung vum Stéck muss virun der Opféierung eng Taxe, déi vum Verlag festgesat gëtt, un den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469 Weinheim/Bergstraße bezuelt ginn, deen dann d' Autorisatioun fir d' Opféierung gëtt.

D' Taxe beleeft sech op 10% vun de Gesamtrecettë bei enger Mindesttaxe, déi beim Verlag unzefroen ass. Dës Bestëmmunge gëllen och fir Manifestatiounen fir e gudden Zweck an Opféierungen a geschlossene Gesellschaften ouni Recetten.

Onerlaabt Opféierungen, onerlaabt Ofschreiwen, Vervielfältegen oder Verléine vu Rolle mussen als Verstouss géint d' Recht vun den droits d' auteur verfollegt ginn. De Bühne géint iwwer als Handschrëft gedréckt.

All Rechter, och déi vun der Iwwersetzung, der Verfilmung, dem Iwwerdroen am Radio an an der Televisioun si virbehalen.

D' Recht fir d' Opféierung gëtt ausschliisslech den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469 Weinheim/Bergstraße.

Fir di eemoleg Opféierung vum dësem Stéck ass de Kaf vun 10 Textbicher virgeschriwwen. Zousätzlech Textbicher kënnen zum Katalogspräis no bestallt ginn.

Zum Inhalt:

Am Wellnesshotel «Beim Rosa Rüssel» gëtt op d'Juegd no de Kurschied geblosen. Eigentlech wëllt sech dee salope Bruno nëmme brav erhuelen, mee wéi seng mësstrauesch Fra him nospionéiert, ass et Esseg mat der Entspannung. Am Plaz Fango-Packunge gëtt et Jalousie-Dramen, am Foyer vum Hotel dréit sech de Karussell vun der Léift an den Hotelchef Bert ass geschwënn no bei engem Nervenzesummebroch: Wat huet en sech do nëmme fir absurd Gäscht an säin éierbart Haus geholl? Eng Gräfin, déi sech «doubel» léisst, zwéin Italiéiner vun der Mafia, eng Alkoholikerin, déi Männer

killt, eng komplett zerstridde Koppel, an da gëtt och nach en deiere Collier gestuel! Gutt, datt et de Commissaire Bauer mat deem erotesche Schnurres gëtt! Mee kann hien dee mysteriösen Hoteldéif tatsächlech entlarwen? Oder geet de "Rosa Rüssel" elo am Chaos ënner?

Spilltyp:	Lëschtet Stéck
Bühnebild:	Wellness-Hotelfoyer
Acteuren:	5 Hären a 4 Dammen
Spilldauer:	Ongeféier 90 Minutten
Opféierungsrecht:	Akaf vun 10 Textbicher an eng Taxe

Persounen:

Bruno Speller (ca. 50)
Dee salope Mann. - Wäert deen seng Fra wierklech bedréien?

Maisy Speller (ca. 45)
Dem Bruno seng Fra, déi nervt. - Gëtt aus hier wierklech eng «Gräfin»?

Bert Mond (ca. 45)
Dee süffisanten Hotelchef. - Steet deen nun op Fraen oder op Männer?

Mathilde vu Märtres (ca. 60)
D'Gräfin mam Verfolgungswahn. - Wien huet hier de Collier geklaut?

Irène Scheffen (ca. 25)
Di jonk "Miss Fitness". - Kann et wierklech frou si mat engem Mafioso?

Conny Mausen (ca. 40)
De Vamp, deen d'Männer ofmuerkst. - Sinn Gin an Erotik eng gutt Mëschung?

Vincenzo Vitello (ca. 25)
De feiregen Italiéiner. - Ass hie wierklech esou "stronzo", wéi d'Mama seet?

Mama Vitello (ca. 45)
Di déck "Mama Mia". - Kënnt si wierklech vun der Mafia?

Roger Bauer (ca. 40)
Dee robuste Muskelpak mat Schnurres. - Wéisou assdee Mann esou vif?

Bühn:

De Foyer vum Kurhotel "Beim Rosa Rüssel". Dräi Dieren: D' Entréedier geet an de "Park", dizweet op d'Zëmmeren, di drëtt an den "Naasse Beräich", wou d'Behandlung sinn. Et gëtt eng Téik am mfank, e klengen Dësch bei der Couche an zwou Sëtzegeleeënheeten. Alles ass a "plüsch-rosa" gehalen. (Bemierkung: D' Téik am mfank kann ouni Sëtzegeleeënheet sinn oder ënner mstänn selwer gebaut ginn. Zwouhéich Holzstallage mat engem Briet driwwer, dat mat engem rosa Stoft bis op de Buedemofgehaangen ass)

Wat ee brauch:

Zwee identesch, gutt erkennbar Collieren (Mathilde a Bruno)
Zwou Pistoulen (Bauer a Mama)
Eng Schell (Receptioun)
Eng Zigarett (Conny)
Eng bëlleg Kassett fir d'Suen (Receptioun)
En Eemer fir Faarf (Bert)
Eng pink Schminkfaarf (Vincenzo)
E Flachmann (Conny)
En Telefon mat Hörer (Receptioun)
En Handy (Mama)
Eng Fläsch Terpetäin an eng pink Lomp (Irène)
Eng Fläsch Eau de Cologne (Receptioun)
En Umeldebuch an e Stëft (Receptioun)
Poster vun engem männleche Film- oder Popstar (Mauer)
Eng Tablette mat 4 gefüllte Waasserglieser (Mathilde)
Eng Tablette mat Häppercher (Irène)
Eng Schossel, déi net brécht, mat Kamellen (Receptioun)
En opfällegt Nueschnappeg am Stoff (Maisy)
Dräi Valisen (1 = Bruno; 2 + 3 = Vincenzo a Mama)
En ellene Frottee-Pyjama (Maisy)
Sonnebrëll (Maisy)
Zäitschrëften (Dësch bei der Couche)
E Blummebouquet an e Kartong (Bert)
Wäschkuerf mat Hand- bzw. Bued- a Saunadicher (Irène)
Zwou Poschen (Maisy a Conny)
Thermosfläsch Téi an e Koup Plastikbecheren (Irène)
Pabeierkuerf (bei de Sëtzer)

Bemierkung zu der Kleedung:

All Gäscht am Hotel droen nom Anchecken Buedmäntel a méiglechst elle Plüschschlappen. Mee fir den Thé dansant maachen se sech alleguer "schick". D' Mama däerf gär "déck" sinn (ënner mstänn mat engem Pillem opstoppen). De Bert dréit e schicke Kostüm mat enger rosa Méck. D' Irène huet di wäiss Aarbechtskleedung vun enger Physiotherapeutin un. De Roger Braun kënnt wéi den Tatort-Commissaire Schimanski am däitsche Fernseh, en dréit e Schmuddelparka an e gewaltege Schnurres. An senger leschter Szen dréit de Roger Braun eng pinkfaarweg nnerwäsch ënnert dem Parka. D'Conny ass komplett iwwerschminkt. Säi Buedmantel ass opputschend kleng. D'Maisy verwandelt sech vun enger einfacher Hausfra mat Schiertech an eng falsch Gräfin mat Dammen-Turban a risegem Sonnebrëll. Säi "Buedmantel" ass éischter e blénkegt Kleed fir op de Bal. Dem Mathilde säi "Buedmantel" ass grad esou en éischter schicke Modell. De Vincenzo gëtt um Enn vum éischten Akt mat enger pinkfaarweger Schminkfaarf "verschéinert" a muss en eleganten Härebuedmantel duerno géint e vill ze kuerz gerodene Fraemodell tauschen, ënnert deem seng Boxershorts eraus kucken.

Éischten Akt

*(D'Maisy an de Bruno kommen zur Entréedier eran.
D'Maisy ass am Hausfraelook mat laangen Äerm an enger almoudescher Posch. De Bruno an enger onmoderner Box an engem Aarbechter-T-Shirt)*

Bruno:

(kuckt sech géekelt ëm)

Mäi Gott, wat ass hei alles pinkfaarweg. Dovu kritt ee jo de Kriibs an d' Aen.

Maisy:

Du bass hei, fir dech z' erhuelen, also reg dech net schonn direkt erëm op.

(De Bruno stellt säi Gepäck virun d'Rezeptioun an hält sech eng Kamell aus der Kamelle-Schossel)

Maisy:

(als Virwurf)

Bruno!

Bruno:

(generft)

Wat?

(En hält d'Kamell an de Mond)

Maisy:

Ma dat ass dach gestuel!

Bruno:

Blödsinn!

(D' Maisy dréckt d' Schossel weider no hannen)

Maisy:

Ech froe mech, wat Zockerbounen an engem Kurhotel ze sichen hunn.

(De Bruno zitt d' Schossel erëm bei sech an hält nach eng Kamell)

Bruno:

Ech froe mech, wat s du nach hei ze sichen hues. Ech war krank, an ech muss an d'Kur, net du.

Maisy:

Wann s du däi Führerschäin nach häss ...

Bruno:

(mécht et no)

"Wann s du däi Führerschäin nach häss ..."

Maisy:

Siwe rout Luuchten!

Bruno:

Just eng Schwächt vu Rout-Gréng.

Maisy:

Jiddefalls kanns de frou sinn, datt ech dech heihi gefouert hunn.

Bruno:

Jo neen, 't ass kloer: Eng Stonn Autobunn an zwou Stonnen, fir dobaussen op d'Parkplaz ranzekommen. Wann eiser Herrgott gewollt hätt, datt d'Fraen den Auto parken, dann hätt en de Gummi-Blech erfonnt.

(kuckt generft ronderëm sech)

Firwat kënnt dann hei keen?

(De Bruno facht ongedëlleg mat der flaacher Hand op d'Schell op der Téik)

Bruno:

(riff)

Garçon!

Maisy:

Ech mengen, dat heescht Portier.

(opbruecht)

A wéi s du erëm ausgesäis!

(Et zitt en Nueschnappeg eraus, späitz drop ...)
Den halwe Kaffi hänkt dir nach am Gesiicht.
(... a reift dem Bruno domat iwwert de Bak)

Bruno:
(wiert hatt gëeekelt of)
Léiwer e Spigelee um Bak wéi de Spaut vun der Fra. Looss dat, ech haassen et!
(En heet erëm op d'Schell, rífft)
Garçon!

(Duerch d' Dir, déi vum «Naasse Beräich» kënnt, kënnt de Bert am schicke Kostüm mat der rosa Méck séier op d'Bühn)

Bert:
Dat heescht Portier.

Maisy:
(zum Bruno)
Dat soen ech jo.

Bert:
(iwwerhéiflech)
Häerzlech wëllkomm am Kurhotel "Beim Rosa Rüssel". Dir sidd?

Maisy:
Speller. Mir heeschen alle béid Speller. Mee ech heeschen nach Maisy an de Bruno Bruno.

Bert:
Et freet mech. Ech heesche Mond an nach Bert.
(E weist, ouni dohinner ze kucken, hannert sech a Richtung Dir, niewent där e Bild un der Mauer hänkt)
An dat ass d' Irène.

(D'Maisy geet irritéiert bei d'Bild, dat ganz kloer e männleche Film- oder Popstar duerstellt)

Maisy:
"Irène", hutt Dir gesot?

Bert:
(ouni dohinner ze kucken)
Genau, eis Fitnesstrainerin.
(zum Bruno)

Ech mengen, Dir hutt do Spaut um Bak.

Bruno:
Dat sinn Tréinen, Tréine vun Erliichterung, well ech dräi Woche meng Fra net brauch ze gesinn.

(D'Maisy geet ganz no un d'Bild erun)

Maisy:
Also, dat Irène hei schéngt wierklech vill ze trainéieren. Well besonnesch wéi eng Fra gesäit se nämlech net grad aus.

(De Bert kuckt irritéiert op an erkennt, iwwerdeems wou e lues laacht, d'Mëssverständnis)

Bert:
Wéi? Wat? Ah, Dir hutt geduecht - neen, wéi lëschtteg. Ech hu gemengt, d'Irène wier hannert mir rakomm.
(rífft)
Irène?!

(D'Irène kënnt mat engem Wäschkuerf voller Handdicher duerch d' Dir vum «Naasse Beräich» eran)

Irène:
Et deet mer leed. D'Madame Müller huet erëm generft.

(D'Mathilde kënnt am elegante Buedmantel hannert dem Irène ran)

Mathilde:
(pickéiert)
Dat hunn ech héieren!

Irène:
Ech hunn et jo och gesot.
(iwwerdeems wou d'Irène d'Handdicher aus dem Kuerf hëlt an ufänkt, se ze falen)

Bert:
Ma Irène, eis Gäscht nerven dach net! Ganz am Géigendeel.
(euphoresch zum Bruno)
Mir liesen lech d'Wënsch vun de Baken of! Dir hutt iwweregens do nach eppes.

Bruno:
(reift sech ugëeekelt iwwert de Bak)

Verréckt:
De Mann ersäift am Spaut vun senger Fra.
(zum Irène)

Villmools Merci!
(iwwerdeems wou d'Mathilde op de Grupp vu Sëtzméigleckeete lasssteiert an sech néierléisst, fir eng Zäitschrëft ze liesen)

Maisy:
(irritéiert)
Ass di Fra hei Gaascht am Haus?

Mathilde:
(dréchen)
Nëmmen ënner Protest.

Maisy:
(alarméiert zum Bert)
Ma ech hunn dach gemengt, hei géif et keng Weiber?!

Irène:
A wéi kommt Dir dann dorop?

Maisy:
Ma well den Hotel "Beim Rosa Rüssel" heescht?

Bert:
Jo, an? Rosa ass jo eng Faarf, déi deene béid gefält: Dammen an Hären.

Bruno:
Jo neen, ass kloer.

Maisy:
(iwwerfuerdert)
Also wann ech gewosst hätt, datt hei och Frae sinn ...
(zum Bruno)

Vläicht siche mir dir léiwer en anere Kurhotel.

Bruno:
Vergiess et.
(zum Bert)
Wou muss ech mech umellen?

(De Bert dréckt em d'Umeldebuch an e Stëft riwwer)

Bert:
Einfach hei androen an de Froebou ausfëllen.

(iwverdeems wou de Bruno ëmständlech mam Ausfëllen ufänkt ...)

Maisy:

Dir suergt jo derfir, datt mäi Mann sech op seng Kur konzentréiert an net eventuell op ...

(... léisst d'Irène aus Versinn eent vun den Handdicher falen ...)

Irène:

Ups.

(... muss sech derno bécken a gëtt dobäi onfräiwëlleg de Bléck op säin Hënner fräi. De Bruno gesäit et)

Bruno:

(päift aus Unerkennung duerch d'Zänn)

Heela, eng Fee aus dem Bësch ...

Maisy:

Bruno!

Bruno:

Et wäert ee jo wuel nach däre kucken.

Irène:

Awernet bei mir! Kuckt bei der Madame Müller.

Mathilde:

Heeschen ech éiere Piepshow mam Familljennumm?

Maisy:

Eben. Konzentréier dech op d' Umeldungsbuch!

Bruno:

(kuckt veriergert an d'Umeldungsbuch)

Wéisou wëllen déi vu mir wëssen, ob ech ronken?

Maisy:

(zum Bert)

E schnaarcht wéi e Bier. Schléift en dann net eleng am Zëmmer?

(mat alarméiertem Bléck op d'Mathilde)

Hannen um Enn nach mat enger Fra?

Mathilde:

(ausser sech)

Elo geet et awer déck duer. Äre Mann entsprécht weder optesch nach vum Intellekt hier menge Virstellungen.

Bruno:

Jo neen, ass kloer. Selwer ausgesi wéi Liewerwurst am Pyjama, awer Uspréch stellen.

Mathilde:

Wat gelift?

Bert:

(klappt an d'Hänn)

Kanner, elo ass et awer gutt!

(berouegt d'Maisy)

Selbstverständlech kritt Äre Mann en Eenzelzëmmer, Madame.

Maisy:

Firwat wëllt Dir da wëssen, ob e schnaarcht?

Bert:

Aus purem Virwëtz.

Irène:

(jéimert)

Chef, wannechgelift ...

(iwverdeems de Bert ufänkt, Dekoratiounssaachen, di ronderëm stinn - kleng rosa Figuren oder Ähnlech-ëmzedekoréieren)

Maisy:

(zum Irène)

Wësst Dir, wat fir eng Therapie de Bruno virun allem brauch? Eng Anti-Béierdrénker-Therapie.

Bruno:

Géi du dach heem!

Irène:

Ech mengen, mir probéieren et d'éischt emol mat Réckgymnastik.

(D'Irène mécht e puer Réckübunge vir)

Irène:

Zéien - strecken - zéien - strecken ...

Maisy:

Réckgymnastik? Ech weess net ... Wier Bauchgymnastik net besser? Säi Bauch ass vill méi déck wéi säi Réck.

Bruno:

Wat soll dat dann heeschen?

Mathilde:

(dréchen)

Dir sidd ze fett fir de Ballet.

Bruno:

A wat wëllt Dir dann, Dir Krampoder op der Wanderschaft?!

Mathilde:

Watgelift?!

Bert:

(klappt an d'Hänn)

Kanner, bis ee pinscht. Net streiden!

(zum Bruno)

D'Irène weist lech elo am beschte schonn mol Är Kummer.

Maisy:

(entsat)

Sou wäit kënnt dat nach.

(zum Bruno)

An du gees net op hier Kummer!

Irène:

Ma dat ass net meng Kummer, mee seng.

Bert:

Nummer dräi.

(De Bert gëtt dem Irène e Schlëssel)

Maisy:

Ah sou.

(zum Bruno)

Ech ginn trotzdem mat.

(De Bruno hält säi Gepäck)

Bruno:

Mäi Gott, Maisy, firwat méchs de dech net endlech aus dem Stëbs?

Maisy:

D'éischt wëll ech gesinn, dass de gutt ënnerbruecht bass.

Ech sinn deng Fra.

Bruno:

Ah jo? Ma da maach dech nützlich!

(En dréckt dem Maisy, dat guer net dorop gefaasst war, säi Gepäck an d'Hand ...)

Irène:
(dréchen)

Wat muss d'Léift awer eppes Schéines sinn ...

(... an de Bruno geet hannert dem ameséierten Irène zur Dir eraus op d' "Zëmmeren")

Maisy:
(riff em rosen no)

Bruno, ech sinn dach net däin leselchen!
(zum Bert)

Kënnt Dir dat net schleefen?

Bert:
Ech??
(weist seng Hänn)
Dat hei si Kënschtlerhänn.

Maisy:
(zum Publikum)
Ka mir mol iergendeen erklären, firwat mir Fraen eis a Männer verléiwen? Ech hätt mer deemools esou e schéinen Hond kënnen uschaffen, a wat hunn ech elo an der Plaz? E Bruno. D'Welt ass awer esou ongerecht.

(Domat schleeft d'Maisy d'Gepäck hannert dem Bruno hier a geet a Richtung "Zëmmeren" eraus)

Bert:
(rifftwéi op enger Flütt)
Au revoir.

(D'Mathilde geheet direkt seng Revue weg, spréngt op a leeft bei de Bert)

Mathilde:
Also, raus mat der Sprooch: Wien ass dee Pak? Sinn déi iwwerpréift ginn?

Bert:
Wéi "iwwerpréift"?

Mathilde:
Liewenslaf, Hondsregëster, Casier judiciaire ...

Bert:
Den Här Speller ass nëmmen e ganz harmlose Kurgaascht, Madame Gräfin.

Mathilde:
(kuckt panesch ronderëm sech)
Nennt mech ëm Gottes Wëllen net Madame Gräfin!

Bert:
(verbessert sech séier)
Pardon, Madame vu Märtés ...

Mathilde:
A scho guer net Madame vu Märtés! Ech heesche Müller. Lisa Müller! Wéi dacks muss ech lech dat dann nach antriichtenen?

Bert:
(klenglaut)
Et deet mer leed, mir haten hei einfach nach ni e Gaascht, deen inkognito wollt sinn.

Mathilde:
Ech "wëll" net inkognito sinn, ech muss! Mengt Dir dann, ech géif fräiwëlleg an esou enger Bud residéieren?

Bert:
(beleidegt)
De "Rosa Rüssel" huet ee Stär!

Mathilde:
Dee Schrott vu Mercedes am Haff zielt net als "Stär"!
(zimlech sauer)
Wann ech gewosst hätt, datt Dir hei net emol en anstännegen Hotelsafe hutt ...

Bert:
(ënnerbrécht brüskéiert)
Wat?

(De Bert stellt beleidegt eng bëlleg Geldkassett op d'Téik)

Bert:
Hei: honnert Prozent Blech! Kaum e Stéckelche Rascht. An et kann een e souguer spären.

Mathilde:
Paakt di lächerlech Dous erëm weg!
(ugespaant)
Ech soen lech et nach eng Kéier, Här Mond: D'ganz Welt ass voller Déif, Raiber a Krom. An all sinn se hannert menge Bijouen hier!

Bert:
(schmunzelt fir opzemonteren)
Ma neen. E puer vun deene klauwe bestëmmt och Autoen oder plëmmen einfach mol eng Bank.
(Hatt erwëscht hien ouni Virwarnung un senger Méck ...)

Mathilde:
Neen, déi wëllen all mäi Märtés-Collier!
(... an zitt en domat ganz no un sech erun)

Bert:
Aua ...

Mathilde:
(dreet him)
Eh kinnt mer all Luxushotel leeschten, Här Mond. Datt ech awer elo an Ärer Brochbud hei wunnen, dat huet nëmmen een eenzege Grond: Diskretioun!

Bert:
(schnaapt no Loft)
Ech kréie keng Loft méi ...

Mathilde:
A wann Der keen echte Windsorknuet an Ärem Hals wëllt hunn, da suergt derfir, datt meng Bijouen an Ärer Bud sécher sinn! Hu mer eis verstan?

(De Bert wénkt ferrem jo mam Kapp, an hatt léisst e lass. De Bert schnaapt no Loft)

Mathilde:
Sou, an elo hätt ech gär stante pede frësch Drauwen op mengem Zëmmer.

Bert:
Drauwen?

Mathilde:
An dobäi e Gliesche Champagner. Kill, net ze kal.

Bert:
Also mëttel-kal?

Mathilde:

A fräsch Blummen, Pijen an Austeren. Behandelt mech einfach wéi e ganz normale Gaascht.

(De Bert wëllt generft bei d'Dir Richtung "Naasse Beräich")

Bert:

Ech huelen de Krom a bréngen alles op Äert Zëmmer.
(... mee hatt hält en zeréck)

Mathilde:

(décidéiert)

Mir bréngen alles op mäin Zëmmer. Mir zwee zesummen!
Ech wäert lech dach wuel net eleng an d'Géigend vu menger Bijouskëscht loossen.

Bert:

(brüskéiert)

Traut Dir mir éieren en Déifstal zou?

Mathilde:

Wann et ëm mäi Collier geet, trauen ech souguer dem Poopst en Déifstal zou.

Bert:

Amen. Kommt, mer besuergen Är Saachen.

(en zitt den Otem schwéier a geet dem Mathilde duerch d' Dir bei den "Naasse Beräich" no)

(Duerch d' Dir zu den "Zëmmeren" kommen an der Tëschenzäit de Bruno, d'Maisy an d'Irène rëm. De Bruno huet elo e Buedmantel un)

Irène:

Schéin, datt lech eist Zëmmer gefält.

Bruno:

Menger Fra gefält et net, also gefält et mir. An de Buedmantel ass och super.

(De Bruno gräift am Maisy seng Täsch ...)

Bruno:

(zum Maisy)

Gëff mer mol de Portmonni.

(... an hält säi Portmonni raus. Hatt wëllt en net ginn)

Maisy:

Neen.

Bruno:

Allez, gëff schonn heihinner.

Maisy:

Awer nëmme kuerz.

(De Bruno hält e Pak Geldschäiner aus dem Portmonni a stécht en sech an d'Täsch vum Buedmantel. Da gëtt en dem Maisy, dat erstaunt ass, de Portmonni rëm an dréckt dem Irène e Schäin an d'Hand)

Irène:

A wat soll dat da ginn?

Maisy:

Ma dat froen ech mech och elo just.

Bruno:

Dat ass Drénkgeld.

Maisy:

Dat si meng Suen.

(D'Irène wëllt dem Bruno de Schäin rëmginn, mee d'Maisy ass méi vif, erwëscht en an ësst en)

(D'Irène an de Bruno kucken sech d'Maisy ee Moment laang iwwerrascht un)

Irène:

(zum Bruno)

Dat ass richtig total léif vun lech, mee wa mäi Chef gesäit, datt ech Drénkgeld unhuelen, da kréien ech Problemer.

Bruno:

(ongewinnt charmant)

A wie kinnt dann esou engem schéine Wiese béis sinn?

Irène:

(zum Maisy)

Äre Mann ass awer e richtige Charmeur.

Maisy:

Dat misst ech awer wëssen. Doheem pisst en am Stoen.

Bruno:

Doheem bass du jo och. Hei ass d'Joffer Irène.

(De Bruno vernäipt sech iwwerdriwwwe galant virum Irène a gëtt em en Handkuss)

Am plaz vum Drénkgeld.

(D'Irène mécht e gespillte Knécks)

Irène:

(schmunzelt)

Merci. Wënschen en agréabelen Openthalt, Monsieur. Mir gesinn eis.

(frëndlech zum Maisy)

An lech wënschen ech: Kommt gutt heem.

(D'Irène geet a Richtung "Naasse Beräich" eraus. D'Maisy wénkt him jo mam Kapp no an hält dem Bruno dann och d'Hand fir en Handkuss dohinner)

Maisy:

Ech ginn dann och mol.

(Mee de Bruno rëselt dem Maisy nëmme knapps d'Hand)

Bruno:

Gutt. Äddi.

(D'Maisy zitt beleidegt seng Hand zeréck)

Maisy:

Dat méchs de mat Absicht, oder?

Bruno:

Wat? Dir d' Hand ginn?

Maisy:

Dat Geflirts!

Bruno:

Mäi Gott! Éischtens kinnt dat Klenkt meng Duechter sinn an zweetens: Wann ech flirten, da gesäit dat ganz anescht aus!

(An deem Moment kënnt dat total iwwerschminkt Conny an engem opputschend klenge Buedmantel duerch d' Dir vun den "Zëmmeren" eran)

Conny:

Schwätzt hei ee vu Flirten?

Maisy:

Neen!

(Mee d'Conny bemustert de Bruno scho gireg vun uewe bis ënnen)

Conny:
(am gaang mat Flirten)
A ween hu mer dann do?

(De Bruno ass duercherneen, dréit sech ëm a kuckt op d'Bild un der Mauer)

Bruno:
Keng Ahnung. Et kinnt de Rambo sinn.

Conny:
(laacht kokett)
Net deen domme Poster. Dir!
(kuerz zum Maisy)
Dir wollt elo just goen? Äddi.
(flirt mam Bruno)

Ech heesche Mäusen. Conny Mäusen. An Dir?
(D'Conny iwwerfällt de Bruno doduerch, datt et en an den Aarm hält)

Bruno:
Äh ... Speller. Bruno Speller.

Conny:
Wéi de Spellchecker? Wat fir en Numm!
(riicht eraus)
Ech stinn op Kärelen, déi mam Computer ze doen hunn.
(D'Conny zitt eng Zigarett eraus. Et flirt)
Stéiert et lech, wann ech fëmmen?

Maisy:
(bësseg)
Et géif eis mol net stéieren, wann Dir géift brennen.

Bruno:
Do muss ech em ausnamsweis mol recht ginn. Mir fëmmen net.

(D'Conny hieft d'Schëlleren a stécht d'Zigarett erëm an)

Conny:
Dat mécht näischt. Et ass hei souwisou verbueden.
(Et flirt erëm)
An ausserdeem stinn ech op Typen, déi gesond liewen.
Kommt, Här Speller, ech weisen lech alles.

Maisy:
(alarméiert)
Alles?

Bruno:
Jo neen, ass kloer.

Conny:
Dach, dach, wann ech soen alles, da mengen ech och alles.
(D'Conny zitt deen iwwerraschte Bruno zu der Dier Richtung "Zëmmeren")

Bruno:
Awer ...

Conny:
Keng Géigeried! Mat mir gött et vill z' entdecken.

Maisy:
(ganz rosen)
Wat dann? Syphilis?

Conny:
Ech kenne keent, wat Syphilis heescht.
(riicht eraus zum Bruno)
Mee wee mech huet, dee brauch keen anert.

Maisy:
Mäi Mann ass bestuet!

Conny:
(hieft d'Schëlleren)
Mir hunn all eis kleng Feeler.

Bruno:
Kleng? D'Maisy huet 1,73 ...

Conny:
An ech hunn 90, 60, 90.

(D'Conny stéisst de Bruno, deen dat net erwaart huet, zu der Dir eraus ...)

Conny:
(wéi en Triumph zum Maisy ...)
Skawosch!
(a leeft hannert dem Bruno an der Richtung "Zëmmeren")

(D'Maisy, ganz aus der Fassung, kuckt hinnen no ...)

Maisy:
Dat gött et dach net ...

(... wéi duerch d' Dir vum "Naasse Beräich" de Bert an d'Mathilde erëmkommen. De Bert dréit eng Kartongschëscht)

Bert:
Sou, Pijen an Austeren hätte mer. Elo feelen nëmmen nach d'Blummen.
(zum Mathilde)

Waart e bëssen, Madame Grä ... äh, Madame vu Märtés ... äh ...

Mathilde:
Müller!

Bert:
Genau. Ech si gläich erëm.

Mathilde:
Zwou Minutten!

(De Bert geet séier mat der Kartongschëscht duerch d' Dir zum "Park" eraus)

(D'Mathilde sëtzt sech iwwerdeemsa bliedert gelangweilt an enger Zäitschrëft. D'Maisy geet onsécher bei et an hemst)

Mathilde:
(ouni opzekucken)
Wat?!

Maisy:
Et ass nëmmen - well Dir jo net op mäi Mann stitt.

Mathilde:
(kuckt op)
Watgelif?

Maisy:
Na ja, Dir schéngt di Eenzeg ze sinn an dësem ... dësem Kurhotel, déi näischt vu mengem Bruno wësse wëllt.

Mathilde:
(dréchen)
An dat mat Recht.

Maisy:
Genau. Äh ... Wéi mengt Dir dat?

Mathilde:
Kommt elo zur Saach, Modchen. Ech hunn net éiweg Zäit.

Maisy:
(verleeën)
Kinnt Dir net e bësselchen op mäi Mann oppassen? A mir vläicht Bescheed ginn, wann en ... na ja ...

Mathilde:
Wat? Ech soll an engem frieme Waasser fësche goen? Dem Parfum vun de Frae verfält? Friemgoe wëllt?

Maisy:
(erlichtert)
Dir verstitt mech.
(kroont haseleg an senger Posch)
Waart, ech ginn lech séier meng Telefonsnummer.

Mathilde:
Vergiesst et.

(D'Maisy hält op mat kromen)

Maisy:
Dir wëllt mir net hëllefen?

Mathilde:
Neen.

Maisy:
Heescht dat jo neen oder neen neen?

Mathilde:
Dat lescht.
(domat verdéift d'Mathilde sech erëm an seng Revue)

Maisy:
Ah sou. Jo dann.

(De Bert kënnt mat der Kartongskëscht a mat engem lamentabele Bouquet Blumme vum "Park" eran)

Bert:
Sidd Dir nach hei, Madame Speller?

Maisy:
Här Bert, lech schéckt den Himmel.

Bert:
(dréchen)
Iertum, mech schéckt d'Madame Müller.

Maisy:
Wien och ëmmer. Här Bert, kinnt Dir net vläicht en A op mäi Mann geheien?

Bert:
(entsat)
m Gottes Wëllen, neen. Äre Mann ass iwverhaapt net mäin Typ.

(D' Maisy geet gebrach bei d' Entréesdier)

Maisy:
Tja, da fueren ech elo mol einfach heem an hoffen dat Bescht ...

Bert:
Do kënnt Dir nach esou staark hoffen! De Bert Mond steet net op bestuete Knëffen.

Maisy:
(entnerft zum Publikum)
Dat hei ass definitiv dat éischt Kurhotel, dat mech krank mécht.

(zum Bert)
Äddi.

(Domat verléisst d'Maisy d' Hotel a Richtung "Park")

Bert:
D'selwecht.
(zum Mathilde)
Et voilà. Blummen aus dem Park fir d'Madame. Domat dierften all Är Wënsch erfüllt sinn!

Mathilde:
(zum Bert)
't ass awer och Zäit ginn. Loosst mer d'Saachen endlech op mäin Zëmmer bréngen.

(D'Mathilde steet op a geet vir op d'Dir zou vun den "Zëmmeren", wéi ...)

Mama:
Buon giorno!

(... d'Mama an de Vincenzo mat zwou Valisen zu der Entréesdier era kommen)

Bert/Mathilde:
Moien. Moien.

Mama:
(zum Bert)
Che sinne Mama Vitello. che hunne zwou Zëmmer bestallt.

Bert:
(freedeg)
Ah, meng Gäscht aus Bella Italia! Ech këmmere mech just nach ëm di Dame hei, da sinn ech direkt fir lech zwee do.
(dréckt dem Vincenzo en A zou)
Besonnesch fir lech, wann Dir wëllt ...

Vincenzo:
Ganze frëndlech, mee ëche léiwer Fraen hunn.

Bert:
(séier)
Ech och!

Mathilde:
(dréchen)
Awer nëmmen, wann all Männer ausgestuerwe sinn.

Bert:
(beleidegt)
Wësst Dir wat? Dir kënnt dat Gréngs hei dach bestëmmt och ouni mech op Äert Zëmmer bréngen.

Mama:
(séier)
Neen, neen, Dir mussen der léif Signora roueg di beschte Service vun de Haus bidden.

Mathilde:
"Service"? Ma Dir erlaabt lech Witzen.

Mama:
Mäi Jong an ëche waarde jiddefalls ganze gäre.

Bert:
Schéin. Ech sinn direkt erëm.
(zum Vincenzo)
Net fortlafen.
(iwverdeems wou de Bert an d'Mathilde op d' "Zëmmeren" ginn)

Mama:
Ciao! Bisse direkte!
(kaum sinn d'Italiéiner eleng, dréckt d'Mama de Vincenzo ferrem bei d'Téik)
Séier, duerch kuck d' Buch vun Umeldungen! Ech passen op, datt keen erwëscht eis!
(séier bliedert de Vincenzo am Umeldebuch)

Vincenzo:
Che net gesinn néierens den Numme vun der Gräfin.

Mama:
Well s du stronzo bass! Si asse sécher ënnert Decknumm agedroen.

Vincenzo:
Wéi du wëlls wëssen, datt si iwverhaapt an deem heiten Hotel asse?

Mama:
Well Mama e ganz sécheren Tipp kritt huet.

Vincenzo:
A vu weem?

Mama:
Mama asse bei de Mafia. Nach Froen hues?

(an deem Abléck kënnt d'Irène duerch d' Dier vum "Naasse Beräich")

Irène:
(riff no baussen)
A schéi weider maachen! Zéien - strecken - zéien - strecken ...
(staunt, wéi et d'Italiéiner gesäit)
A wat maacht Dir dann do hannert der Téik?

(erféiert dréit de Vincenzo sech séier ëm)

Vincenzo:
(weess sech net ze hëllefen ...)
Che ...
(... a stéisst dobäi ouni ze wëllen géint d'Schossel mat de Kamellen. Si fällt mat Kaméidi op de Buedem)

Irène:
O neen, di antik Kamelleschossel!

(D'Mama flucht mat enger Litanei vun "italiéinesche" Wieder ...)

Mama:
Mama - Mia - Cannelloni - Stratiatella - Di Napoli!
(... rappt de Vincenzo rau hannert der Téik erfir ...)
Wéi dacks hunne ech dir gesot, du solls d' Fangere weg losse vu Bonbons?!
(... a gött em eng hannen op de Kapp)
Stronzo!

Vincenzo:
Aua!

Mama:
Zevill Naschele maache déck!

Vincenzo:
(beklot sech)
An zevill oppe de Kapp maache blöd ...

Mama:
Dann du hues duebele Pech, eh!

(zum Irène)
Scusi, mä Jong asse leider ganze schlëmm verfrooss.

Irène:
(laacht de Vincenzo un)
Sou, sou ... E jonken Italiéiner, deen op séisse Saache steet?

Vincenzo:
(flirt)
Wanne de séisse Saache esou séisse ausgesi wéi Dir ...

(D'Mama schléit en hannen op de Kapp)

Mama:
Stronzo!

Vincenzo:
Aua ...

Mama:
Insalata Mista Tortellini Spaghetti! Hale direkte op mat flirten!

Irène:
(ameséiert)
O, géint charmant Flirten hunn ech eigentlech näischt anzewennen.
(Et hält dem Vincenzo mat Schmunzelen d'Hand dohinner)
Ech sinn d'Irène vun der Krankgymnastik.

(De Vincenzo ass siichtlech vunem beandrockt)

Vincenzo:
Enchantéiert. Eche sinn Vincenzo vun der Mafia.

(D'Mama heet en nach eng Kéier, datt et klätscht, hannen op de Kapp)

Mama:
Stronzo!
Vincenzo:
(hëlt sech ganz séier rëm)
Eche de Vincenzo si vun der Mama.

Mama:
An eche de Mama vun de Vincenzo.

Irène:
Wëllkomm am Rosa Rüssel. Wëllt Dir direkt Är Zëmmer gesinn?

Vincenzo:
Eche musse fir d'éischt de Bonbons oprafen.

Irène:
Ma neen.
(D'Irène hieft d'Schossel op)
D'Schossel ass jo ganz bliwwen an d' Kamelle lafen net fort. Kommt!
(D'Irène hëlt d'Umeldebuch vun der Téik)
Zwee Einzelzëmmer, huelen ech un?

Mama:
Si.

Vincenzo:
(flirt)
Mee ech och gäre schlofen an Ärem Bett.

(D'Mama heet en erëm hannen op de Kapp)

Mama:
Stronzo!

Irène:
Muss dat da sinn? Dir dot em jo wéi.

Vincenzo:
(wéi en Held, schmunzelt a Richtung Irène)
O wat. Mäi Kapp asse haart wéi Beton.

Mama:
Passe op, datte ech net deng Féisse an de Beton stiechen!

Irène:
A wat soll en da mat Betonsféiss?

Mama:
Swamme goen! An elo pronto, pronto! Weis di Zëmmeren!
(D'Mama dréckt de Vincenzo an d'Irène mam Umeldebuch an der Schossel mat de Kamellen aus der Dir zu den "Zëmmeren" ...)
(flucht an d'Richtung vum Publikum)
Primavera Calzone Antipasti! Mäine Vincenzo mech bréngt nach an de Graf!
(... a leeft hinnen no vun der Bühn)

(Duerch d' Dir vum "Naasse Beräich" kommen de Bruno an d'Conny vun hirer Besichtigung vum Hotel zeréck. D' Conny huet e Flachmann an der Hand an drénkt sech an eng lëschtég Stëmmung)

Bruno:
(fillt sech net wuel an senger Haut)
Tja, also ... villmools Merci fir di Féierung duerch d'Hotel, Madame Mausen.

Conny:
(flirt)
Gefält et lech dann, wat Dir bis elo gesinn hutt?

Bruno:
Na ja, alles zimlech pink.

Conny:
Ech menge mech. Ob ech lech gefalen.

Bruno:
Muss ech dorop äntweren?

Conny:
Virun allem musst Dir méi labber ginn! Hei, huet emol e Schotz!
(Et hält him, fir en opzefuerderen, de Flachmann dohinner)
Echt schotteschen Gin.

Bruno:
Gin? A wéi sidd Dir dann dodru komm? Ech hunn dach gemengt, während der Kur wiren all Versuchunge verbueden.

Conny:
Da wier ech jo wuel net hei.

Bruno:
Jo neen, ass kloer.

Conny:
Ech hunn eng ganz Këscht dervun op mäin Zëmmer geschmuggelt. Gin, souvill d'Häerz es begiert.

Bruno:
Béier hätt ech léiwer.

Conny:
Mee den Gin knallt vill besser. E steet iwweregens ënner mengem Bett.
(Hatt zitt e an engem Zock un sech. Zweedäiteg)

An ech hunn e wonnerbart Bett. Et ass breet a méll ... Wëllt Dir mäi Bett gesinn, Bruno?

(Hee wëllt sech lassmaachen ...)

Bruno:
Wann et genau sou wéi Dir net gemaach ass, dann net.
(... mee hatt leet begiereg seng Äerm ëm en)

Conny:
Komm mat op mäin Zëmmer, Bruno! Ech weisen dir Saachen, déi s du nach ni virdru gesinn hues! Ech sinn däi Kurschied!

(De Bert an d' Mathilde kommen aus Richtung "Zëmmeren" eran a kucken erschreckt op de Chaos mat de Kamellen)

Bert:
Kräiz Däiwe! op der Kierch. A wat ass dann hei passéiert?

(De Bruno rappt sech vum Conny lass)

Bruno:
Si huet mech iwwerfall.

Bert:
Ech mengen d' Kamellen!
(iwwerdeems de Bert alarméiert an d'Receptioun stierzt)

Conny:
(zum Bruno)
Hach, ech stinn eben op Saachen, déi ee lutsche kann.

Mathilde:
(veruecht et)
Probéiert et emol mat Stëppercher.

Bert:
(kuckt panesch ronderëm sech)
O mäi Gott, di wäertvoll Schossel fir d' Kamellen ass fort!

Mathilde:
(alarméiert)
Wéi "fort"? Gestuel??

Bert:
Déi war antik! Mam Fouss gemaach!!

Mathilde:
Himmel, ech hunn et jo gewosst: Dee frechen Déif ass schonn ënnert eis!

Conny:
Déif?

Bruno:
A wat fir en Déif?

(De Bert duerchwullt ëmmer méi panesch d'Receptioun)

Bert:
Ma deen, deen di deier Schossel geklaut huet! An eist Umeldebuch ass och verschwonnen!

Bruno:
(sauer)
Wéi, "verschwonnen"? Geet et dann nach?! Do steet dran, datt ech schnaarchen, a Boxershorts pennen an nuets d' Dir net zouspären!

Conny:
(zweedäiteg)

Du schléifs a Boxershorts a léiss nuets d' Dir op?

Bruno:

(séier)

Wat? Neen!

Conny:

Awer du schnaarchs? Hach, ech stinn op Typen, déi schnaarchen. Dat mécht mech ganz wëll!

(Et béckt sech, fir eng Kamell opzehiewen ... zum Bruno ...)

Wëlle mer eis eng Kamell deelen?

(... awer de Bert rappt et séier zeréck)

Bert:

Näischt upaken! Alles bleift leien, bis den Dokter kënnt. Ech mengen, d'Police.

Mathilde:

Jesus Christus, et si Verbrieche am Haus! Meng Bijouen an ech sinn drun.

Bruno:

(wëllt sech dem Conny entzéien)

An ech sinn da mol fort.

(De Bruno geet séier op d' Dier "Naasse Beräich" zou ...)

Conny:

Waart, ech gi mat.

Bruno:

Dat ass net néideg!

(... a mécht sech wéi op der Flucht eraus)

Conny:

(zum Publikum)

A wann dee wéisst, wéi néideg ech et hunn. Skawosch!

(domat leeft d'Conny sexhongereg hannert dem Bruno hier)

Mathilde:

(dirängelt de Bert)

Ja, wourop waart Dir nach? Rufft dach endlech d' Police!

Iwwerdeems kontrolléieren ech, ob en och schonn a menger Kummer war.

Bert:

Wien?

Mathilde:

Den Déif natierlech.

Bert:

Dee gemengen?

Mathilde:

Genau deen. Oh mäi Gott, ech däerf guer net drun denken, datt e méiglecherweis scho mäi Collier huet!

(D'Mathilde tommelt sech duerch d' Dier Richtung "Zëmmeren")

(Iwwerdeems erwëscht de Bert den Telefon a wíelt hektesch den Noutruff vun der Police)

Bert:

(nervös an den Telefon)

Allo, d' Police? Bert Mond hei. Mir brauchen Är Hëllef am "Rosa Rüssel". Genau: AM - ROSA - RÜSSEL. Neen, dat ass grammatesch ganz richteg, Dir Idiot.

(lauschert, da séier)

Ech hu gesot "frot". Elo frot, net Idiot.

(lauschert)

Genau, hei war en Déif.

(lauschert)

Jo, e gemengen.

(lauschert)

Bis elo feelen eng antik Schossel, d'Umeldebuch a wahrscheinlech och e puer Kamellen.

(lauschert, kuckt op d'Kamellen)

Da misst ech awer d'éischt nozielen.

(lauschert)

Neen, mir fäerte ganz, en hat et eigentlech op dee wäertvolle Collier vun engem Gaascht ofgesinn.

(lauschert)

Wat? Dir sidd geschwënn do? Gutt, dat wëll ech och hoffen!

(De Bert hänkt an, dréchen)

Wahrscheinlech heescht "geschwënn do", datt et Stonnen dauert.

(De Roger Bauer stiermt op d'Manéier vum Schimanski vun der Televisioun a mat deem sengem Look mat virgehalenem Revolver duerch d'Entréesdier eran ...)

Bauer:

D'Hänn an d' Luucht, Polizei!

Bert:

Wow, dat nennen ech wierklech "geschwënn do".

(... an hält en an all Richtungen, grad wéi d' Mathilde aus der Richtung "Zëmmeren" zeréck kënnt an erfëiert d'Äerm an d'Luucht hält, well de Bauer grad seng Waff op et riicht)

Mathilde:

Hëllef!

Bauer:

Wou ass den Déif?

Bert:

Wat fir een, dee gemengen?

Bauer:

Genau deen. Ass en nach am Hotel?

Bert:

Dat sollt Dir dach rausfannen!

Bauer:

Okay. D'éischt emol sinn se alleguer verdächtig, déi elo grad um Tatort sinn. Also Dir, Dir an ech.

Bert:

Dir selwer och?

Mathilde:

Wat soll dann dee Quatsch? Ech sinn um Tatort, well ech d' Affer sinn!

Bert:

Ech och!

Bauer:

Ah jo, stëmmt ...

(zackeg)

Roger Bauer, Commissaire.

Mathilde:

Mathilde vu Märtés, Gräfin.

Bert:

Bert Mond, Solo.

(opgebauscht zum Bauer)

An ech fannen Äre Schnurres total männlech ...

Bauer:
Wëllt Dir mech ubaggen?

Bert:
(séier)
Wat? Blödsinn, ech hunn et op d' Fraen ofgesinn!

Bauer:
Dann hat Der Gléck. Ech sinn nämlech am Déngscht.
(zum Mathilde)
Wat ass da geklaut ginn?

Mathilde:
Nëmmen eng bëlle Schossel mat Kamellen.

Bert:
Gelift?

Mathilde:
Mäi wäertvolle Collier war Gott sei Dank nach op mengem Zëmmer. Hei.
(Et zitt de Collier aus der Täsch vun sengem Buedmantel an hält en an d'Luucht)

Bert:
Wow ... wéi dee glënnert.

Bauer:
Ech fannen e gräisslech.

Mathilde:
A wat erlaabt Dir Iech! En ass iwwert eng Millioun wäert!

Bauer:
Ellen ass en trotzdem.

Bert:
(zum Mathilde)
Esou en deiere Collier ass dach wuel verséichert?

(D'Mathilde stécht de Collier zeréck an d'Täsch vum Buedmantel)

Mathilde:
Natierlech ass e verséichert. Mee säin ideelle Wäert ass net ze bezuelen.

Bauer:
Obschonn en esou gräisslech ass?

Mathilde:
(zum Bauer)
Géingt Dir dann elo endlech eppes maachen? Hei leeft ëmmer nach e gemengen Déif fräi erëm!

Bauer:
Wësst Dir, wéi en ausgesäit?

Bert:
Gemeng. E gesäit gemeng aus.

Bauer:
Dat geet awer net duer, wa mer e sichen. Mir müssen em eng Fal stellen: Mer schleien eng Polizistin an, déi sech als Gräfin ausgëtt.
(zum Mathilde)
An si dréit Äre Collier.

Bert:
An dann?

Bauer:
Zesummeschloen, fesselen, alachen.

Bert:
(iwwerrascht)

D'Polizistin?

Bauer:
Ma neen, den Déif.

Bert:
Dee gemengen? Deen hätt et op d'mannst verdéngt.

Bauer:
Genau deen.

Bert:
E gudde Plang!

Mathilde:
Brillant!

(D'Irène an de Vincenzo kommen duerch d'Dier vun den "Zëmmeren" eran. De Vincenzo - ganz Kavaléier - dréit fir d'Irène d'Umeldebuch an d'Këscht Kamellen)

Irène:
Wie soll zesummeschloen, gefesselt an agelacht ginn?

Mathilde:
Den Déif, deen d'Umeldebuch geklaut huet.

Bauer:
An eng antik Schossel.

Bert:
An eis Kamellen!

(De Vincenzo gesäit et kommen, datt en lenger kritt a kuckt iwwerfuert op d'Schossel an op d'Buch an sengen Hänn)

Vincenzo:
Oh oh ...

Mathilde:
Do. Heen huet d'Schossel an d'Buch! Hee war et!!!

Bert:
(zum Bauer)
Op e mat Gejätz!

(mee d'Irène stellt sech schonn als Schutz virun de Vincenzo)

Irène:
Moment! En huet dach guer näischt gemaach! Ech war den "Déif".

Bert/Mathilde/Bauer/Vincenzo:
Du? Dir? Hä? Due?

(iwwerdeems wou d'Irène d'Schossel an d'Umeldebuch op d'Téik stellt)

Irène:
Sorry, Chef. Ech hunn dee Krom mat op d'Zëmmere geholl, ouni nozedenken.

Bert:
(irritéiert)
Mee du denks dach soss ëmmer no.

Irène:
(schmunzelt)
Deen zackegen Italiéiner hei huet mech e bëssen duerchernee bruecht.

Mathilde:
Duerchernee bruecht?

Vincenzo:
(mat verléiftem Bléck op d'Irène)
 Si. Stronzo gemaachen an de schéine Käpp.

Bauer:
 A wéi kommen di Kamellen op de Buedem?

Irène:
 Et deet mer leed, mee ech sinn heiansdo e bëssen ongeschéckt.

Vincenzo:
(higerass)
 Virun allem du basse eng wonnerbar Lignes.

Bert:
 Eng wat?

Irène:
(séier)
 Hee mengt Trainerin! Réckegymnastik.
(mécht di Übung vir)
 An zéien - strecken, zéien - strecken ...

Bauer:
(generft)
 Wat ass dat hei dann erëm fir e Kannerkaka? Wa jo hei näischt geklaut ginn ass, da kann ech jo erëm verschwannen.

Mathilde:
 Wéi "verschwannen"?

Vincenzo:
 Futschi cato.

Mathilde:
 Futschi cato kënnt iwverhaapt net a Fro!
(zum Bert)
 Suergt Dir derfir, datt en hei bleift!

(ze spéit: de Bauer rappt schonn zackeg de Revolver an d'Luucht)

Bauer:
 Op de Roger Bauer waarde méi déck Fäll! A lass op den nächsten Asaz!
(... hält de Revolver no alle Säiten, an di aner hiewen erféiert d'Äerm an d'Luucht)

Mathilde:
 Oppassen!

(Mat engem Hechtspronk stierzt de Bauer zu der Entréedier eraus)

(Rou. Dann)

Bert:
 Wow ... Dat nennen ech eng cool Sortie.

Vincenzo:
(penibel berouert)
 Scusi, dat asse alles menge Scholde.

Bert:
(irritéiert)
 Wéisou Är? Ech hu gemengt, d'Irène hätt ...

Irène:
(séier)
 Ganz genee. Ech hunn. An et ass jo och guer näischt geschitt. E klengt Mëssverständnis, näischt weider. Wann s

du dech ëm d'Kamelle këmmers, weisen ech eisem neie Gaascht, wou en sech kann anescht undoen, okay?

Bert:
 Natierlech.
(zum Vincenzo)
 Genéisst Ären Openthalt, Signor Vitello.
(zum Irène)
 Kinnt net ech him weisen, wou en sech anescht undoen ...

Irène:
 Neen!

Bert:
 Schued ...

Vincenzo:
 Arrivederci.

(iwverdeems d'Irène de Vincenzo duerch d'Dier Richtung "Naasse Beräich" dréckt an di zwee rausginn)

Mathilde:
(mécht de Bert gereizt no)
 "Genéisst Ären Openthalt, Signor Vitello" ... A wat ass mat mir?

(iwverdeems de Bert d'Kamellen zeréck an d'Schossel leet an déi dann erëm an d'Receptioun stellt)

Bert:
 Wat soll da mat lech sinn? Äre Collier ass jo nach do.

Mathilde:
 Et freet sech nëmmen, wéi laang nach! Wie Kamelle klaut, klaut och Collieren!

Bert:
 D'Irène klaut net.

Mathilde:
 A wann awer?
(décidéiert)
 No deene Virfäll elo grad bestinn ech drop, datt all potentiell Déif eng Fal gestallt kréien.

Bert:
 Wat da fir eng Fal?

Mathilde:
 Hutt Dir elo grad net nogelauschtert, wat de Commissaire recommandéiert huet?
(zitéiert de Bauer)
 "Mir schleisen eng Polizistin an, déi sech als Gräfin ausgëtt an den Déif ulackelt."

Bert:
 Ech hunn awer keng Polizistin hei, déi dat maache kann.

Mathilde:
 Da musst Der eng fannen!

Bert:
 Kloer, kee Problem. Ech maachen hei e bëssen Uerdnung an dobäi fannen ech bestëmmt eng an der Fal vun der Fotell.
(iwverdeems de Bert ufänkt, verschidden Dekoratiounssaachen - kleng rosa Figuren an Ähnlech - ëmzedekoréieren)

Mathilde:
 Et ass mir egal, ob et eng echt Polizistin ass! Ech brauch einfach nëmmen eng Fra, déi bereet ass, meng Roll ze iwverhuelen.

Bert:

Da vill Spaass beim Sichen. Wat fir eng Fra ass esou blöd a wëllt fräiwëlleg Schwéiervriebrecher ulackelen?

(An dësem Moment kennt d'Maisy mat engem zesummegefaalten Frottee-Pyjama duerch d'Entréesdier eran)

Maisy:

(zum Bert)

Entschëllegt, mee mäi Mann huet säi Frottee-Pyjama am Auto leie gelooss.

(D'Mathilde kuckt d' Maisy begeeschtert un)

Mathilde:

Dir!

(D'Maisy kuckt irritéiert ronderëm sech)

Maisy:

Wien?

Mathilde:

Dir iwverhuelst meng Roll!

Maisy:

Neen, eigentlech bréngen ech mengem Mann nëmmen säi Frottee-Pyjama ...

Mathilde:

An duerno bleift Dir hei a verkleed lech als Gräfin!

Bert:

A firwat sollt si dat da maachen?

Mathilde:

Well eng Hand di aner wäscht.

(zum Maisy)

Dir hat mech dach gebieden, en A op Äre Mann ze hunn: Dir hat recht, e geet friem!

Maisy:

(alarméiert)

Mäi Bruno mécht wat??

Mathilde:

Zumindest gëtt et däitlech Unzeechen derfir, datt e wäert friem goen.

Maisy:

Mat deem Irène?

Bert:

(warnt a Richtung Mathilde)

Loosst mäi Personal do raus!

Mathilde:

(zum Maisy)

Net mam Irène. Mat deem Vamp, deem d'Männer killt. Där Nymphomanin.

Bert:

(ongleeweg)

Huet déi e Fësch-Schwanz?

Mathilde:

Net Nix oder op Däitsch Nympe, Nymphomanin!

Bert:

Dat si Fraen, déi süchteg no Sex sinn.

(seet nach betount männlech hannendrun)

Ech kenne mech do aus.

Mathilde:

Quatsch, lech kënnt een eng Nymphomanin op de Bauch strécken an Dir géift se net emol erkennen.

Bert:

(iwverhiefflech-beleidegt)

Wat soll dat dann heeschen?

Maisy:

(fassungslos)

Ech bréngen se ëm. Äh ... Wéi heescht se iwverhaapt?

Mathilde:

Joffer Mausen. Conny Mausen.

Maisy:

Dat iwverschminktent, opgetakelt Déier? Mäi Gott, ech hu gemengt, net emol mäi Bruno hätt esou e schlechte Geschmaach!

Bert:

Na ja, ëmmerhin ass e mat lech zesummen ...

Maisy:

An ech naiv Kou schleefen em och nach säi Pyjama no. An dobäi wëllt e plakeg an d'Bett!

Mathilde:

Net, wann Dir an ech et verhënnere kënnen!

Maisy:

Firwat wëllt Dir mir eigentlech elo op eemol hëllefen?

Mathilde:

Mir Frae mussen dach zesummen halen.

Bert:

(ironesch)

Aha, Dir sidd awer alles anescht wéi egoistesesch ...

Mathilde:

De Bak!

(zum Maisy)

Kommt gitt Der mol mat mir! Ech erklären lech, wéi Dir Äre Mann hei incognito kennt iwverwaachen.

Maisy:

A wéi?

Mathilde:

An enger Verkleedung.

Bert:

(klappt äifreg an d'Hänn)

Ei jo, verkleede mécht Spaass!

(D'Mathilde hält d' Maisy décidéiert an den Aarm an zitt et bei d'Dier zu den "Zëmmeren")

Maisy:

Iwverwaachen ass gutt. Ech sammele Beweiser géint de Bruno! A wat säi Pyjama ubelaangt ...

(D'Maisy geheet de Pyjama rosen an de Pabeierkuerf ...)

Vu mir aus kann en ouni pennen, da gesäit déi Lomp weinstens seng Béiertromm!

(... an tommelt sech opbruecht duerch d'Dier zu den "Zëmmeren" eraus)

Mathilde:

(jéimert zum Publikum)

Also, aus dëser Fra eng Gräfin ze maachen, dat gëtt en haart Stéck Aarbecht.

(Domat geet d'Mathilde séier hannerun dem Maisy zu den "Zëmmeren" eraus)

Bert:
(rifft hinne vun uewen erof no)
 A wat ass mat mir? Ech kinnt beim Verkleeden hëllef! Ech
 hunn total schick Kostümer an eng ganz schéi Fieder an ...
(erwëscht)
 Oh, mäi Gott, si huet recht: Ech sinn ee wéi e Clown.
(rifft)
 Gräfin, géingt Der wëlle waarden!
*(e bewegt d'Hänn opgereegt hin an hier an tommelt sech
 hannerun de Fraen zu den "Zëmmeren" eraus)*

*(iwwerdeems de Bruno an d'Conny schonn zimlech
 ugedronk duerch d'Dier vum "Naasse Beräich"
 erakommen)*
Bruno:
(kritt d'Zong net méi gutt ronderëm)
 Dat Dénge schmaacht wierklech ganz gutt.
Conny:
 Dat soen ech jo.
Bruno:
 Ech huelen awer nëmmen nach eng Mini-Schlippchen an da
 ginn ech léiwer.

*(De Bruno hält en uerdentleche Schotz aus dem
 Flachmann. D'Conny hänkt sech fest an säin Aarm,
 rutscht awer of)*
Conny:
(kritt d'Zong och net gutt ronderëm)
 Wouhinner dann? Ech gi mat!

(De Bruno rëselt de Flachmann)
Bruno:
(ongleeweg)
 Oh neen, den Gin ass jo eidel.
(E schwankt a reecht dem Conny de Flachmann)
 Dir sollt net souvill saufen.
Conny:
(verbessert)
 Du!
Bruno:
 Neen, Dir.
Conny:
 Mir ware scho beim du, Bruno. Hues de dat éiere vergiess?
 Ech sinn et dach, däi Kurschied.
*(D'Conny probéiert ëmsoss, sech méiglechst sexy un de
 Bruno ze drécken)*

(De Bruno wiert et of)
Bruno:
 Ech muss goen.

(D'Conny dréckt sech un en)
Conny:
 Neen!
Bruno:
(De Bruno wiert et of)
 Ech muss goen.
Conny:
 Neen!

(De Bruno wiert et of)
Bruno:
 Ech muss katzen.

(D'Conny wäicht virum Bruno zeréck)
Conny:
 Igitt!
Bruno:
(grinst)
 War nëmmen e Witz. Hehehehehe ...
Conny:
 Hach, ech stinn total op Typen, déi witzeg sinn!
(D'Conny hält en direkt nach eng Kéier an den Aarm)
Bruno:
 Jo neen ass kloer.
Conny:
 Hick ... Ups, ech mengen, ech hunn den Hick.

(D'Irène kënnt duerch d'Dier vum "Naasse Beräich" eran)
Irène:
 Moien.
Conny:
 Hick ...
*(D'Conny verstoppt séier de Flachmann hannert sengem
 Réck)*
Irène:
(mësstrauesch)
 Hutt Dir schonn erëm? ... Gluck, gluck?
Conny:
 Wat? Mir dach net! Hick ...

(D'Irène betruecht di schwankend opbruecht)
Irène:
 Aha, do hunn sech jo di zwee Richteg fonnt.
Bruno:
 Quatsch! Ech probéiere schonn dee ganzen Dag, dat
 verdäiwelt Weib lass ze ginn.
Irène:
 Aha?
Conny:
 "Verdäiwelt Weib"? Dat gefällt mer, Bruno. Ech stinn total op
 Typen, déi mech verdäiwelt Weib nennen. Hick ...
Bruno:
(biedelt lues beim Irène)
 Hëllef.
Irène:
 Okay, verstinn ...
(zum Conny)
 Madame Mausen, elo grad war d'Police am Haus.
 Alkoholrazzia. Anscheinend gëtt e ganze Kartong mat Gin
 gesicht. Wësst Dir eppes dervun?
Conny:
(alarméiert)
 Ech? Hick ... Op kee Fall.
(séier zum Bruno)
 Äh, ech gi mol kuerz meng schéin Niesche pudderen. Ech
 sinn direkt erëm do.

(D'Conny dréit sech ëm a geet séier - de Flachmann ass elo fir s'alleguer gutt ze gesinn, ëmmer nach um Réck "verstoppt" - zur Dier Richtung "Zëmmeren" eraus)

Skawosch.

(kaum ass d'Conny fort)

Bruno:

(aus dem Häerz eraus zum Irène)

Merci!

Irène:

(grinst de Bruno un)

Keng Affaire. Dee Polizeitrick funktionéiert ëmmer. Soll ech lech d' Madame Mausen och weiderhi vum Hals halen?

Bruno:

Géift Dir dat fir mech maachen?

Irène:

Dir sollt lech schliisslech hei erhuelen.

Bruno:

Jo neen ass kloer. Kommt heihinner, ech géif meng Retterin gär drécken!

(ausgeloossen hält de Bruno dem Irène säi Gesiicht a béid Hänn an dréckt him dankbar en décke Kuss op)

(an deem Moment kënnt de Vincenzo - an der Tëschenzäit am Buedmantel - duerch d'Dier "Naasse Beräich" eran a stuerkt brüskéiert op di Szen)

Vincenzo:

(jealous)

Du holle direkte deng Grabschelhänn weche vun de Irène!

(De Vincenzo rappt de Bruno vum Irène weg ...)

Wann s du hatt nach eemol ofknutschen, dann ech dech klappen zu Deeg fir Pizza!

(... an hält en an d'Kabinn fir ze schweessen)

Bruno/Irène:

Aua!/Vincenzo!

Vincenzo:

Nixe Aua! Nixe Vincenzo!

Irène:

Vincenzo, looss en direkt lass. En huet mir näischt gedoen.

Vincenzo:

Nixe gedoen? En huet Fangere wéi Wurschtercher op däi wonnerschéi Gesiicht geluegt. Dat asse nixe nixe gedoen.

Bruno:

(zum Irène)

Wat huet e gesot?

Irène:

Iergend eppes mat vill "nixe".

Bruno:

Schwätzt e vu Frae mat Fëschschwänz??

(zum Vincenzo)

Aua!

Irène:

(zum Vincenzo)

Vincenzo, däin Asaz fir aner Leit freet mech. Mee elo beroueg dech, et ass wierklech näischt passéiert.

Vincenzo:

Okay, eche dir gleewen. Ech Italiéiner sinn. Ech staarke Glawen hunn.

Bruno:

Kathoulesch?

Vincenzo:

Italiéinesch.

(De Vincenzo klappt dem Bruno als Entschëllegung op d'Schëller)

Entschëllegen, okay? Asse nixe passéiert.

Bruno:

Do, schonn erëm "Nixe"!

(zum Irène)

Hutt Dir e Fëschschwanz??

Irène:

Neen, awer e staarke Kaffi am Büro. Mir suergen elo d'éischt mol derfir, dass Dir eniichter gitt. Lass!

(iwwerdeems et de Bruno aus der Dier a Richtung "Naasse Beräich" dréckt)

Vincenzo:

(zum Publikum)

Wat quatsche dësse Mann ëmmer vu Fëschschwänzen?

(kuckt op seng Box)

Also, ech hunne definitive keng!

Irène:

(rifft vun dobaussen)

Vincenzo!

Vincenzo:

(rifft)

Eche schwamme bei dech, Bella!

(domat leeft de Vincenzo hannert dem Bruno an dem Irène hier)

(kaum sinn di dräi fort, kënnt de Bert duerch d'Dier vun den "Zëmmeren" eran. En huet e Faarfeemer an der Hand a kuckt sech ëm, fir sech ofzesécheren)

Bert:

Keen do ...

(rifft a gedämpfem Toun a Richtung Dier)

D' Loft ass propper, di falsch Gräfin ka kommen.

(D'Mathilde kënnt mat deem nervöse Maisy aus Richtung "Zëmmer" eran. D'Maisy ass als "Gräfin" verkleed: Ganz schick Robe de chambre, Dammenturban um Kapp an e risegen donkle Sonnebrëll, deen säi Gesiicht verdeckt)

Maisy:

(nervös)

Also, ech komme mech an där Opmaachung total verréckt vir ...

(D'Mathilde huet e Plateau mat véier Waasserglieser bei sech a stellt en um Dësch of)

Mathilde:

(rektifizéiert)

"Overdressed", mäi Kënnchen. Dir kommt lech beschtefalls liicht "overdressed" vir. Eng Gräfin hält dat Wuert "verréckt" net an de Mond.

(De Bert stellt de Faarfeemer op de Buedem an zupft opgereegt um Maisy sengem Outfit)

Bert:

Ausserdeem gesitt Dir an deem Fummel einfach fantastesch aus!

Mathilde:

(rektifizéiert)

"Aristokratesch". Mir hu léiwer den Ausdrock "aristokratesch".
A fir dee "Fummel" soe mir "Robe de chambre".

Maisy:

Kann ech mir dat vläicht opschreiwen?
(*D'Maisy deet de Sonnebrëll aus*)

Mathilde:

Wat maacht Dir dann? Loosst dee Brëll dach op!

Maisy:

A firwat?

Bert:

En ass wichteg, datt den Déif lech net erkennt.

Maisy:

Wat fir en Déif?

Bert:

Dee gemengen.

Mathilde:

Onsënn!

(*et leeft bei d'Maisy*)

Äre Mann! De Brëll ass noutwenneg, datt Äre Mann lech net erkennt!

(*als Verschwörung*)

An dëser Verkleedung kënn Dir hien ongestéiert bei sengen amurösen Aventuren observéieren. Well Dir sidd elo net méi d'Madame Speller, mee - ...

Maisy:

D'Kinnigin!

Bert:

(*dréchen*)

Ech maachen d'Schlass emol schéin.

(*iwverdeems de Bert schonn erëm eng Kéier ufänkt, mat vill Léift d'Dekoratiounssaachen - kleng rosa Figuren oder Ähnlech - ëmzedekoréieren*)

Mathilde:

(*generft zum Maisy*)

Net Kinnigin. Gräfin! Dir sidd d'Gräfin!

Maisy:

Oh sorry, dat verwiesselen ech dauernd.

Mathilde:

(*stellt richtig*)

"Excuse-moi, do ass mir e kleng Fauxpas ënnerlaf."

(*D'Maisy zitt mat erhuewener Nues d'Loft an*)

Maisy:

(*zu der Gräfin*)

Net esou schlëmm, et richt een et kaum.

Mathilde:

"Fauxpas" ass dat kultivéiert Wuert fir "Feeler".

Maisy:

Et kann ee mat Feeler fuerzen?

Mathilde:

O mäi Gott ...

(*Alleguer fueren se zesummen, wéi op eng Kéier d'Mama - elo och am Buedmantel - duerch d'Dier aus Richtung "Zëmmere" kënn*)

Mama:

Buon giorno. Huete hei vläist ee mäi Jonge gesinn?

Maisy:

Neen, duerch dee blöde Sonnebrëll kinnt ech emol net d'Tiirm vun der Kathedral an der Stad gesinn.

Mama:

Scusi?

Maisy:

(*besënnt sech op seng nei Roll*)

Äh ... Als Gräfin géif ech Äre Jong net emol erkennen, wann en overdressed wier an eng aristokratesch Robe de chambre un hätt.

Mama:

(*stutzeg*)

Dir sidd eng Gräfin?

Bert:

(*séier*)

Genau. Mathilde vu Märtés. Si huet elo grad agecheckt.

Mama:

Ah, dat asse jo ganze interessante ...

Mathilde:

(*mësstrauesch*)

Wisou?

Mama:

(*séier*)

Ah, nëmmen esou ... Vergiesst dat mat mengem Jonge. Ech ruffen en enfache op sengem Handy un.

(*D' Mama zitt séier hiren andy raus, dréckt d'Kuerzwiel, schwätzt mat halwer Stëmm an den Handy ...*)

Vincenzo? Wou basse du? Mir musse dringend schwätzen!
(*... a verschwënnt duerch d'Dier zum "Naasse Beräich"*)

Maisy:

Ären Dialekt ass komesch. Kënnst déi aus dem Osten?

(*D'Mathilde verdréit entnerft d'Aen*)

Bert:

(*lenkt of*)

Also, ech droen d'Gräfin schonn emol an d'Buch vun de Gäscht an. Zëmmer Sechs.

(*Iwverdeems de Bert d'Umeldung ausfëllt*)

Maisy:

(*irritéiert zum Mathilde*)

Zëmmer Sechs? Ma Dir wunnt jo schonn am Zëmmer Fënnf ...

Mathilde:

Madame Speller, Dir sidd elo d'Gräfin!

Maisy:

Ah jo, stëmmt jo.

Mathilde:

A wéi heescht Dir?

Maisy:

Maisy Speller.

Mathilde:

Neen, Dir heescht Mathilde vu Märtés!

Maisy:

Ah Mëscht, do ass mer schonn erëm e Fauxpas dervu gelaf.

Mathilde:

Dervu gelaf?

(D'Mathilde hëlt e Waasserglas vun der Tablette an dréckt et dem Maisy an d'Hand)

Mathilde:

An elo weist Dir eis, wéi eng Gräfin drénkt.

Maisy:

Dat kann ech!

(D'Maisy drénkt d'Glas ex eidel ...)

Nastrovie!

(... a gehait et widder d'Mauer)

Mathilde:

Dat gött et dach net ...

Maisy:

Gutt, gell? Dat hunn ech an engem Film gesinn. D'Gräfin hat do dran eng Pelzemutz un.

Mathilde:

Jo, well et eng Zarin war!

Maisy:

Oh ...

(zum Bert)

Ass mer schonn erëm e Fauxpas agelaf?

Bert:

(montert et op)

Dir maacht dat schonn. Haalt di nächste Kéier einfach nëmmen dee kleng Fanger méi weg.

(D'Maisy hëlt en zweet Glas ...)

Maisy:

Sou?

(... kippt et ex erof an hält dobäi di fräi Hand mat ausgestrecktem kleng Fanger an d'Luucht)

Nastrovie!

Mathilde:

Elo geet et duer, mir brieche d'Prouf of.

Maisy:

(déck zefriden)

Echt? Sinn ech schonn esou gutt?

Bert:

(dréchen)

Dir sidd en Naturtalent.

Mathilde:

Schwätzt einfach esou weineg wéi méiglech.

Bert:

Et geet jo souwisou nëmmen drëm, datt den Déif lech hei gesäit ronderëm lafen.

Maisy:

Wien?

Mathilde:

(séier)

Ma Äre Mann, wann e friem geet.

Maisy:

(grimmeg)

Wann dee mech wierklech mat där Moss bedréit, dann erwiergen ech e mat mengem Schal!

Bert:

Dat ass en Turban.

Maisy:

Mëscht, déi Fauxpasse lueren awer och wierklech hannert all Eck.

(zum Mathilde)

Merci fir Är Hëllef.

(décidéiert)

D'Gräfin vu Märtes sicht elo hire Mann!

(D'Maisy geet séier bei d'Dier ...)

Mathilde:

(dréchen)

Vill Erfolleg ...

Maisy:

Nastrovie!

(... a verschwénnt a Richtung "Naasse Beräich")

Mathilde:

(zitt den Otem schweier)

Duerop brauch ech dringend eppes fir ofzekillen.

(Et hëlt en drëtt Glas vun der Tablette ...)

Mathilde:

Cheers!

(a kippt et ouni all Etikett mat ex erof)

Bert:

A wou war dann elo grad dee Fanger op der Säit?

Mathilde:

Fleet drop!

(Et geheit d'Glas widder d'Mauer)

An elo begannt lech! Mir mussen d'Zëmmer Sechs ofsécheren. Hutt Der d'Faarf?

(De Bert hält den Eemer an d'Luucht)

Bert:

Natierlech.

(houfreg)

E ganzen Eemer Pink.

Mathilde:

"Pink"?

Bert:

Domat wollt ech de Plafong iwwer mengem Bett usträichen

...

(Hatt hält him d'Dier fir bei d'Zëmmeren op)

Mathilde:

Här Mond, Dir sidd wierklech méi waarm wéi all Plack um Uewen.

Bert:

War dat e Kompliment oder eng Beleidegung?

Mathilde:

Dat zweet. E Kompliment kritt Dir, wann Dir den Eemer iwwert der Zëmmerdier placéiert hutt an den Déif an d'Fal gelaf ass.

Bert:

Dee gemengen Déif!

Mathilde:

Ech sinn houfreg op eis, Här Mond. Eise Plang ass sou genial wéi en einfach ass.

Bert:

Dat fannen ech och! Äh ... wéi geet eise Plang eigentlech?

Mathilde:

Mir outen den Déif!

Bert:

Ass et e Lénksen?

Mathilde:

Mäi Gott, mir ouden, datt et en Déif ass! E wäert mäi Collier sichen, an d'Zëmmer vun där falscher Gräfin abrieche, en Eemer rosa Faarf op de Kapp kréien ...

Bert:

(klappt begeeschtert an d'Hänn)

... a passt dann an der Faarf total bei meng Miwwelen!

Immens! Kommt, mer fänken un!

(domat geet de Bert opgereeget séier mam Eemer Faarf eraus ...)

Mathilde:

(zum Publikum)

Wann d' Opgeblosenheet nach Steng hätt, da wier hien d'Alpen.

(... an d'Mathilde geet em no a Richtung "Zëmmeren", et jéimert)

(Kaum sinn d'Irène, d'Mathilde an de Bert dobaussen, stiermen d'Mama an de Vincenzo zu der Dier vum "Naasse Beräich" eran)

Mama:

Wann ech dir et jo soen: De Gräfin ass hei! Mir musse just nach an den Umeldebuch kucken.

Vincenzo:

Musse dat sinn? Eche net wëllen, datt Irène nach eng Kéier lenger muss kréie wéinst mir ...

(D'Mama heet em eng hannen op de Kapp)

Mama:

Stronzo! Kucke an de Buch!

(De Vincenzo mécht dat géint säi Wëllen)

Mama:

De Gräfin huet elo grad net de Collier ugehat. Also mussen de Bijou nach ope senge Zëmmer sinn.

Vincenzo:

Fonnt! Si wunnt an de Nummer Sechs.

Mama:

Perfecto! Eche bleiwe hei a passe op, dass de Gräfin net erop geet. An due hëlse de Collier!

Vincenzo:

A wéi ech komme an de Zëmmer?

Mama:

Allo? Basse du bei Mafia? Hëls du de Passe-partout!

Vincenzo:

Passe? Deen asse grad a Vakanz op Mallorca.

Mama:

Eche mengen een anere Passe-partout!

Vincenzo:

Ah sou, deen. Mee wat asse, wann eche erwësst ginn?

Mama:

(hieft d'Schëlleren)

Da ginn eche erëm an de Mafia Buttik a kafe mir nei Jongen. Well do asse ville klenge Idiote wéi s du.

Vincenzo:

(sauer)

Passe nëmmen op, laang maachen eche dëse Behandlung net méi matte!

Mama:

Zëmmer Sechse!

(De Vincenzo geet am lenger zu der Dier zu den "Zëmmeren" eraus)

(Duerch d'Dier vum "Naasse Beräich" kënnt am selwechte Moment de Bruno, deen ëmmer nach eng kleng sëtzen huet)

Bruno:

Moi'n. Gëtt et hei iergendwou Béier?

Mama:

Scusi?

Bruno:

Ech wëll weiderdrénken, mee d'Joffer Irène gëtt mir nëmme Kaffi.

Mama:

(kuerz gebonnen)

Kaffi asse ganz gesonde. Arrivederci!

(Si dréit sech erëm zur Dier, fir déi ze bewaachen)

Bruno:

(sauer)

Stéieren ech lech grad bei eppes Wichteges oder wat?

Mama:

Si, Dir stéiert.

Bruno:

Firwat stitt Dir dann esou blöd virun där Dier?

Mama:

(flucht)

El Margherita Mozzarella Pizza véier Saisonnen! Ech passe oppe, datt se net weg leeft, fort leeft, okay?!

(De Bruno léisst sech frustréiert op e Stull falen ...)

Bruno:

Mäi Jong, Dir Fraleit sidd awer alleguer d'selwecht!

(... an hält net an uecht, datt hannert him dat verkleetent Maisy duerch d'Dier vum "Naasse Beräich" kënnt)

Bruno:

Firwat gi mir Kärelen net einfach alleguer Lénksers? Dat wär bestëmmt besser fir eis.

(D'Maisy kann sech net méi réieren)

Mama:

Ried dach keng Blech. Wëllen Dir esou gi wéi deene Opgeblosene, deen hei Hotel féiert?

(D'Mama gesäit d'Maisy ...)

Mama:

Ah, de Signora Gräfin!

(... a stellt sech als Schutz virun d'Dier, alarméiert)

Däerf eche froen, wou Dir wëllt hin?

Maisy:

Ech? Äh ...

(mat verstellter "Gräfin"-Stëmm)

Néierens. Däerf eng harmlos Gräfin net einfach emol onopfälleg am Foyer vum Hotel spadséiere goen?

*(D'Maisy trëppelt a beméit sech, aristokratesch ze sinn.
De Bruno bekuckt et di ganzen Zäit)*

Bruno:

Sidd Dir wierklech eng Gräfin?

Maisy:

(alarméiert)

Wéi sou?

Bruno:

Also, iergendwéi erënnert Dir mech un een ...

Maisy:

(mat verfallter "Gräfin"-Stëmm)

Dat kann net sinn. Dir sidd nëmmen e Proletarier an ech, ech si vu gréngem Blut.

Mama:

Asse de Blut net blo?

Maisy:

Äh ... Nëmme Sonndes.

Bruno:

(mustert d' "Gräfin" faszinéiert)

Cool, eng echt Von und Zu. Also, wa meng Al emol esou e schicke Fummel géif undoen ...

Maisy:

(ënnerbrécht en, opbruecht)

"Al"? Geet et dann?

Bruno:

Wat gelift?

Maisy:

(mat verfallter "Gräfin"-Stëmm)

Ähm, ech mengen ... et seet een eigentlech "Robe de chambre".

Bruno:

(interesséiert)

Dir heescht also "Gräfin vun der Robe de chambre"? Wow. Dat ass dach mol en Numm!

Maisy:

(mat verfallter "Gräfin"-Stëmm)

Fir dee "Fummel" seet ee Robe de chambre. Ech heesche Mathilde vun ... äh ... äh ...

(kuckt ëm Hëllef op d'Mama)

Mama:

Märtes.

Maisy:

(mat verfallter "Gräfin"-Stëmm zum Bruno)

Genau. An ech sinn eng Kinnigin.

Mama:

Gräfin.

Maisy:

Ah jo ...

Bruno:

Ech fannen lech faszinéierend.

Maisy:

(mat verfallter "Gräfin"-Stëmm)

Et wär mir trotzdem léiwer, wann Dir mech net géift esou ustuerken.

Bruno:

Jo neen, ass kloer. Hutt Dir Loscht, lech bei mech ze setzen? Ech bräicht emol ee fir ze quatschen.

Maisy:

(iwwerrompelt)

Quatschen? Mat mir?

Bruno:

Iwwer d'Fraen.

Maisy:

Oh, dat Thema wier natierlech interessant ...

Bruno:

Super! Da geheien ech di italiénesch Moss einfach eraus.

Mama:

(alarméiert)

Scusi?

(De Bruno steet op, geet bei d'Mama ...)

Bruno:

Mäi Jong, di blöd Dier kënnt Dir dach och wuel vun där anerer Säit kucken. D'Gräfin an ech, mir wëllen eis Privatsphär.

(... a schubst se aus der Dier zu den "Zëmmeren" eraus)

Mama:

Wat du maache? Loosse mech lass, Stronzo!

Bruno:

Arrivederci!

*(De Bruno schléit d'Dier zou an dréit sech laachendes
Monds zum Maisy, dat iwwerrompelt ass)*

An elo zu eis, Gräfin. Sëtzt lech dach!

*(D'Maisy sëtzt sech nervös a probéiert dobäi, méiglechst
säi Gesicht vum Bruno weg ze dréien)*

Maisy:

(mat verfallter "Gräfin"-Stëmm)

Also gutt. Wann Dir onbedingt mat mir iwwer Frae riede wëllt, ech wäert nolauschten.

(De Bruno sëtzt sech ganz interesséiert niewent et)

Bruno:

Super. Woubäi: Eigentlech wëll ech nëmmen iwwer eng Fra mat lech schwätzen.

Maisy:

(beherrscht sech nëmmen mat Méi)

Äre Kurschied, huelen ech un.

Bruno:

Kurschied?

Maisy:

(mat verfallter "Gräfin"-Stëmm)

Majo, Dir sidd dach e Mann, deen eppes duerstellt, do muss et der dach vill ginn, déi sech interesséieren.

Bruno:

(geschmeechelt)

Och ...

Maisy:

(mat verfallter "Gräfin"-Stëmm)

Raus mat der Sprouch: Wien ass et? D'Conny Mäusen?

Bruno:

Wat? Ëm Gottes Wëllen!

Maisy:

D'Joffer Irène?

Bruno:
Blödsinn. Sot emol, firwat bekuckt Dir mech eigentlech ni richtig?

Maisy:
(mat verfallter "Gräfin"-Stëmm)
Dat fällt mer schwéier, well ... Dir hutt do eppes um Bak.

Bruno:
Oh, bestëmmt Kaffi ...

(D'Maisy hält en Nueschnappeg eraus ...)

Maisy:
Däerf ech?

Bruno:
Kloer.

(... späizt drop a fänkt un, am Bruno sengem Gesicht ronderëm ze reiwen)

Bruno:
Wow, fillt sech gutt un.

Maisy:
Jo, wierklech?

Bruno:
Meng Fra mécht dat och ëmmer, mee do fannen ech et eekleg.

Maisy:
(sauer)
Ah jo??

Bruno:
(flirt)
Mee bei lech ass dat eppes anescht. Do gefällt et mir souguer. An Äert Nueschnappeg ass och vill méi schéin.

Maisy:
(mat verfallter "Gräfin"-Stëmm)
Dir iwwerschëtt mech jo mat Komplimenter. Maacht Dir dat bei aneren Dammen och?

Bruno:
Bei wat fir engen Dammen dann?
(zielt frustréiert op de Fangeren op)
D'Irène ass vill ze jonk, d'Italiéinerin steet nëmmen op d'Dieren, d'Conny ass aus dem Kulang a meng Fra ass doudlangweileg ...

Maisy:
(pickéiert)
Wat sinn ech?

Bruno:
Net Dir. Meng Fra.
(e betruecht d'Maisy ganz interesséiert)
Dir sidd spannend. De Schal zum Beispill ...

Maisy:
Dat ass en Turban.

Bruno:
(richt e puermol un em)
An Äre Parfum ...

Maisy:
Dat ass "Fauxpas".

(De Bruno ass ëmmer méi faszinéiert)

Bruno:
An dobäi dëse geheimnisvolle Sonnebrëll ...

(en haart Scheppere vun dobaussen ënnerbrécht en. Gläichzäiteg héiert een dat erféiert Jäize vum Vincenzo)

Vincenzo:
(jäizt vun dobaussen)
Stronzo!!!

(D'Maisy spréngt erféiert vun sengem Stull op)

Maisy:
Hutt Dir dat héieren?

(De Bruno steet och op)

Bruno:
Wat?

Maisy:
Ma dee Kaméidi! En ass vun den Zëmmere komm.

Bruno:
Lenkt elo net of. Ech muss lech eppes froen.

Maisy:
Wat dann?

Bruno:
Fannt Dir mech wierklech e Mann, deen eppes duerstelt?
Wann nämlech jo, da kinnt Dir dach einfach mäi Kurschied sinn ...

Maisy:
Ech???

Bruno:
Mir kinnten et dach zumindest mol probéieren.
(Hien zitt et un sech a kësst et)

Maisy:
Du Schwäin!
(D'Maisy klaakt em eng ferrem op de Bak, datt et klaakt)

(Am selwechte Moment flitt d'Dier zu den "Zëmmere" op an de Vincenzo stierzt eran. En ass iwwer de ganze Kierper mat pink Faarf besaut)

Vincenzo:
Mama! Eche sinne ee Rosa Rüssel!

(D'Luucht aus)

RIDDO